



D'Chambersreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et daerf also net par procuration ofgestëmmt ginn. Nëmmen d'Votten iwwert déi offiziell deponéiert Kandidature si valabel. D'Wiel vum Kandidat erfollegt duerch eng absolutt Majoritéit, woubäi déi blank an ongültig Wahlziedelen net a Betruecht gezu ginn.

Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi absolutt Majoritéit kritt, kënn et zu engem Ballotage, an deem déi zwee Kandidate vertruede sinn, déi am éischten Tour déi meeschte Stëmme kritt hunn. Bei Stëmmegläichheet, bon, ech erspueren lech déi aner Detailler, do géife mer drop zrëckkommen, wann et wierklech géif anrieden.

#### Vote sur le premier candidat

Jo, d'Ziedelen. Woubäi et wichteg ass bei den Ofstëmmungen, dass mer hei zesummen am Sall sinn.

Huet elo jiddwereen e Stëmmziedel?

#### (Assentiment)

Merci. Da géif ech d'Nimm vun de Kolleeginnen a Kolleegen opruffen.

#### Appel nominal

Domat hu mer déi éischt Ofstëmmungsronn ofgeschloss an ech géif d'Sëtzung kuerz ënnerbriechen.

**(La séance publique est suspendue à 15.35 heures.)**

\*\*\*

**(La séance publique est reprise à 15.39 heures.)**

D'Sëtzung ass erëm op.

Mir hu 55 Participatiounen um Vote. 5 Deputéierten hunn net dru participéiert, wou mer vun 3 d'Iwwerleeunge kennen. 1 Bulletin nul a 4 Bulletins blancs. A 50 Stëmmen op d'Madame Héloïse Bock. Domat wär déi absolutt Majoritéit erreecht an am éischten Tour, als éischt Kandidatin vun enger Lëscht vun dräi, wär dee Moment d'Madame Héloïse Bock designéiert.

#### Vote sur le deuxième candidat

Da géife mer zum zweeten Tour iwwergoen, wou dann nach just dräi Kandidature virleien. A vu dass mer bei engem Bulletin de vote dräi Kräizer haten, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, dass just ee Kräiz daerf gemaach ginn, soss ass de Bulletin net valabel.

D'Ziedele sinn ënnerwee. Et dauert nach ee kuerze Moment, well mer jo hu missen d'Ofstëmmung ofwaarden. Villmools Merci.

Sinn d'Ziedelen alleguer ukomm? Sidd Der prett fir d'Asammele vun de Wahlziedelen? Sou, da géife mer mam Asammelen ufänken.

#### Appel nominal

Domat hu mer déi zweet Ofstëmmungsronn ofgeschloss an ech géif d'Sëtzung kuerz ënnerbriechen.

**(La séance publique est suspendue à 15.47 heures.)**

\*\*\*

**(La séance publique est reprise à 15.50 heures.)**

D'Sëtzung ass erëm op.

Am zweeten Tour hu mer 54 Deputéierten, déi um Vote deelgehol hunn. 6 hu mat deenen Erklärungen, déi se ginn hunn, net um Vote deelgehol, respektiv waren net am Sall. 5 Bulletins blancs, 40 Stëmmen op d'Madame Elvinger, 7 op den Här Cloos an 2 op den Här Lentz. Domat wär am zweeten Tour déi zweet Plaz an der Lëscht vun deenen dräi Kandidature fir d'Madame Elvinger, déi d'absolutt Majoritéit huet.

#### Vote sur le troisième candidat

Mir géifen dann zu dem drëtten Tour iwwergoen an d'Stëmmziedele ginn ausgedeelt.

Also no Iwwerleeung géif ech mengen, fir dass iwwerhaapt keng Diskussiounen opkommen, mengen ech, sollt d'Madame Elvinger bei där Positioun bleiwen, déi se bis elo hat. Da kann iwwerhaapt keng Diskussioun opkommen.

#### ► Une voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech mengen, dass hei Vorsicht die Mutter der Porzellankiste ass.

Si mer prett, fir d'Stëmmziedelen anzesammelen?

#### Appel nominal

Domat wäre mer um Enn vun der drëtter Ronn an ech géif d'Sëtzung kuerz ënnerbriechen.

**(La séance publique est suspendue à 15.58 heures.)**

\*\*\*

**(La séance publique est reprise à 16.01 heures.)**

Hei ass dann d'Resultat vun deem leschten Tour. 54 Deputéierten hunn deelgehol, 6 wa-

ren net am Sall. Ee Bulletin nul, 7 Bulletins blancs, 37-mol Lentz an 9-mol Cloos. Domat wär den Drëtten op der Lëscht den Här Lentz, deen och déi absolutt Majoritéit erreecht huet. Merci fir déi net onkomplizéiert Ofstëmmung.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eiseim Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6799, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Police an iwwert d'Inspection générale de la Police. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den honorablen Här Yves Cruchten.

#### 6. 6799 - Projet de loi modifiant

**1) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;**

**2) la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État**

#### Rapport de la Commission des Affaires intérieures

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Verglach mat der leschter Kéier, wou mer hei iwwert d'Fonction publique geschwat hunn, ass dat heiten awer dach e ganz bescheidenen, fir net ze soen e ganz kleng Projekt de loi, dee mer haut wäerten diskutéieren.

De Projet de loi 6799 dréint am Speziellen iwwert d'Konditiounen an och d'Modalitéite vun der Nominatioun vu Beamten op déi sogenannte Fonctions dirigeantes beim Stat a senge Verwaltungen.

Am Konkrete geet et drëms, d'Situatioun zum Beispill vun de Riichter ze regelen, déi op eng Fonctioun dirigeante genannt ginn. Wéi Der wësst, sinn dës Nominatiounen op siwe Joer limitéiert an dat bréngt natierlech mat sech, datt sech Froe stellen, wat no deene siwe Joer geschitt.

Mat der aktueller Legislatioun wär e Richter, deen esou eng Nominatioun kritt, gehalen, seng ursprünglech Funktioun als Magistrat definitiv opzeginn, entweder direkt oder spéitens no engem Congé sans traitement vu véier Joer. Et wär allerdéngs schued, d'Magistratur aus de Fonctions dirigeantes beim Stat auszuschléissen, hu si dach dacks en interessante Profil fir verschidde Posten.

Mat deem Gesetz hei erméigleche mer et engem Richter, zréck a säi Beruff ze wiesselen. Et géllt him oder hir eng Garantie ze ginn, datt no deene siwe Joer eng Plaz ka besat ginn, déi der Qualifikatioun an och der Anciennetéit beim Stat entsprécht. Zäitgläich gëtt och d'Gesetz vun der Police an der Polizeinspektioun ofgeännert, fir datt och do kloergestallt ass, datt zum Beispill e Richter kann op d'Funktioun vum Inspecteur général de la Police genannt ginn.

Här President, dësse Projet de loi gouf de 27. März 2015 vun der Regierung déposéiert. De Statsrot huet en Avis ofginn den 2. Juni. Doropshin huet eis Kommissioun de 17. Juni en Amendement proposéiert. De 25. Juni gouf nach en Amendement gouvernemental nogereecht. An no engem éischten an dunn engem zweeten Avis complémentaire vum Statsrot, konnt eis Kommissioun de Rapport zu dësem Gesetz eestëmmeg unhuelen.

Här President, ech géif gären ausdrécklech déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun luewen. Hei gouf un engem Strang gezunn. An ech géif gären hei zum Schluss all de Membere aus dëser Kommissioun e grouse Merci soe fir hir konstruktiv Mataarbecht a gi selbstverständlech och den Accord vun eiser Partei.

#### ► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Cruchten fir dee vollstännege Rapport. An ech géif dann direkt d'Wuert un d'Madame Octavie Modert iwwerginn.

#### Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur fir säi kompletten a vollstännege Rapport.

D'CSV stëmmt dëst Gesetz, well et wichteg ass, fir d'Mobilitéit ze férdere: innerhalb an ausserhalb vum éffentlechen Déngscht, zwëschent de Verwaltungen, zwëschent de Secteuren, zwëschent de Corpsen. Et ass wichteg fir den Décloisonnement, dat heescht géint en décloisonnéiert Denken. Esou sinn déi nei legislativ Ännerungen ze begrëssen, am Respekt vun der Onofhängegkeet an der Inamovibilitéit vun de Magistraten.

Allerdéngs bedauert d'CSV, datt dee Gesetzesprojekt esou spéit eréischt virgeluecht ginn ass.

Déi Froen, déi déi zwou nei Dispositiounen regelen, ware scho vill éischter bekannt.

De Minister vun der éffentlecher Sécherheet, Etienne Schneider, huet am September 2014 an de Chamberskommissiounen seng Pläng vu Reorganisatioun vun der Policeféierung dergeluecht, déi en am August 2014 entscheet hat, esou hat en eis et gesot, esou och, wien un d'Spëtzt vun der IGP komme sollt, an zwar eng Magistratin.

D'Kommissioun huet him deemools gesot, datt et besser wär, iwwer eng Nominatioun amplaz iwwer Détachement ze fueren. Fir dat ze maachen, huet awer d'Gesetz misse geännert ginn. An dee Gesetzesprojekt ass eréischt ausganks März 2015 déposéiert ginn; dobäi sinn et just zwee Artikelen. Firwat huet dat esou laang gedauert?

Och d'Fro vun der Reintegratioun vun deem héije Regierungsbeamten oder héije Verwaltungsposten an d'Magistratur nees zréck no enger gewëssener Zäit, war scho méi laang opgeworf ginn, zu engem Moment, wéi d'Fonction-publiques-Reform nach ganz an der Chamber louch.

Dir hätt dës zwou Gesetzesännerungen also scho mat den Amendementen vum Reformpak an der Fonctioun publique abréngt kennen a sollen. Dee Saucissonnage hei, Stéck fir Stéck, eenzel Dispositiounen a separate Gesetzer ze bréngen, dat ass keng gutt legislativ Technik. Émsou méi, wa souwisou aner grouss Gesetzer an deem Beräich ustinn.

Et wär besser, Dir géift dat Gestéckels an Zukunft net méi maachen. Ausserdeem géif et dann net riskéieren no Cas particuliers, op eenzel, bestëmmte Persounen zougeschnidde Lösungen, auszegesinn.

#### ► Une voix.- Très bien!

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- De Statsrot huet vill d'legislativ Technik vun dësem Projekt ugekräit. En huet eng aner Lösung virgeschloen, wat net déi ass, déi an der Kommissioun virgeschloen gouf, vun der Regierung zréckbehalen ginn ass. Dat ass awer eng aner Fro.

Schlecht legislativ Technik ass och, wann déi eng Woch e parlamentareschen Amendement an déi Woch duerno, iwwert deeselwechte Punkt, e Regierungsamendement virugi gëtt.

Schliisslech huet d'CSV lech drop opmierksam gemaach, datt Är ursprünglech Lösung Schwieregkeete brénge kéint vis-à-vis vum Prinzip vun der Onofhängegkeet an der Inamovibilitéit vun de Richter.

Här Minister, Dir hat sécher awer net esou gutt dësse Projet de loi mam Justizminister ofgekläert an ausgeschafft, wéi Dir eis et gesot hat, well soss hätt dat dach sécher net virkomme kënnen. Den Här Braz huet sech jo schliisslech als Deputéierten zum grouse Verfechter a Verteidiger vun deem Prinzip vun der Inamovibilitéit gemaach.

A well dee Projet eréischt ausganks März vun dësem Joer an der Chamber hannerluecht ginn ass, zu engem Moment, wou d'Reform am éffentlechen Déngscht just heibanne gestëmmt war, war dann herno och Zäitdruck, fir zweemol Ännerungen zu den zwee Artikelen hinzukréien. An dat ass awer net dee beschte parlamentaresche Stil.

Merci.

#### ► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madame Modert.

#### ► Une voix.- Besser spät ewéi nil!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetz vum 31. Mee 1999 hat jo d'Basis geluecht fir d'Fusioun zwësche Police a Gendarmerie. Deemools ass vun enger historiescher Décisioun geschwat ginn. De fréiere Kolleeg Willy Bourg hat souguer vun enger Jorhonnertreform geschwat. Déi Fusioun war jo och d'Resultat vun der Etüd TC Team Consult vum 21. Abrëll 1994. Ech erënneren awer och drun, datt déi Fusioun deemools net iwwerall mat grousssem Enthusiasmus opgehol gi war. Ënner anerem och meng Partei hat awer gewësse Reserven ausgedréckt zu deem Zäitpunkt. A se gouf an de Joren awer och an hire Befierchtungen, zu engem gudden Deel, confirméiert.

D'Generalinspektioun vun der Police, iwwert déi mer jo haut hei diskutéieren, war jo u sech e Bestanddeel vun den Artikelen 72 bis 77 vum Gesetz iwwert d'Fusioun. Ënner anerem hat déi Dispositioun jo virgesinn, datt un der Spëtzt vun der Generalinspektioun ee Member vun der Carrière supérieure vun der Polizei oder vun der Administratioun soll stoen, deen entweder Droit oder Economie studéiert hätt.

D'Generalinspektioun vun der Police, ech mengen, do si mer eis alleguer eens heibanen, huet natierlech eng wesentlech Aufgab ze erfëllen. Ech denke besonnesch un de Contrôle de légalité vun den Aarbechte vun der Polizei. Si stellt esou och e gewëssen Autocontrôle duer.

Vun Ufank un hat awer meng Partei sech derfir ausgeschwat, datt u sech un der Spëtzt do soll méi eng neutral Persoun stoen. Besonnesch sollt se aus der Magistratur kommen, well dann am Fong geholl méi eng objektiv Kontroll garantéiert wär. Mer kéinten net vun enger gewëssener Connivence dann herno schwätzen.

Bei den Debatten iwwert d'Fusioun vum 21. Abrëll 1999 hat dunn, wéi gesot, d'DP och schonn deemools virgeschloen, dass souwuel den Directeur adjoint vun der Police misst e Magistrat sinn a vill méi, wéi gesot, hat se sech derfir agesat, datt den Direkter vun der Generalinspektioun soll aus der Magistratur kommen.

Bon, deemools ass dat net esou gehéiert ginn. Haut stellt sech natierlech eraus, datt d'Demokratesch Partei wäitsichteg war a ganz kloer jiddefalls, deemools schonn, gesot huet, datt et wichteg ass, datt mer eng gewëssen Onofhängegkeet op där Fonctioun géife gesinn.

Mir haten eis, wéi gesot, deemools jo och vehement derfir agesat. An haut si mer derfir och frou, datt mer endlech dann och d'Méiglechkeet schafen, datt e Magistrat un d'Spëtzt och vun der Generalinspektioun vun der Police ka kommen.

Et ass wichteg, datt am Fong geholl net direkt aus dem Polizeicorps rekrutéiert gëtt, fir esou eng wichteg Fonctioun. An et ass awer och wichteg, wann herno déi Persoun erëm reintegriert gëtt an hir fréier Aarbecht, datt dann awer déi néideg legislativ Moossname getraff ginn, fir dat awer op eng anstänneg Aart a Weis kënnen ze assuréieren. Duerfir ass dat Gesetz hei awer vun enger dach gewëssener Wichtigkeet. A mir wäerten ouni Zweifel dat do och begrëssen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de leschte 24. März hu mer jo op dëser Plaz e grouse Pak gestëmmt, wat u sech d'Reform vun der Fonctioun publique ubelaangt. Do war jo och dee Moment, ënner anerem, festgehalen ginn, datt de Wiessel zwëschent deenen einzelnen Administratiounen, a besonnesch de Wiessel och vum Secteur privé an de Secteur public, soll vereinfacht ginn. Ënner anerem och zum Beispill, wann een eng Expérience vun zweielef Joer hätt, datt ee kéint automatesch an d'Fonction publique wiesselen. Mir fannen dat eng gutt Décisioun. Mir stinn och nach haut derhannert.

Et ass wesentlech, datt een engem Mënsch erlaabt, awer a senger beruflecher Carrière sech nei Perspektiven ze stellen. Dowéinst ass et och wichteg, och innerhalb vum Stat, datt ee kann emol eng Kéier en Transfert maachen, well dat ouni Zweifel net nëmmen zum Wuelbefanne bäidréit, mä awer och zu zousätzlecher Motivatioun, fir nei beruflech Erausforderungen unzehuelen.

Duerfir ass de Wëlle vum Législateur, fir haut, wéi gesot, de Wee opzemaachen, den Direkteschposte vun der Inspection générale de la Police mat engem Magistrat ze besetzen, och nëmmen ze begrëssen, well jo u sech dann déi Persoun awer och eng Perspektiv kritt, am Fall wou se, wéi gesot, déi Fonctioun net méi ausübt. Et daerf ee jo net vergiessen, dat ass eng Fonctioun, déi limitéiert ass op siwe Joer, zwar renouvelable, mä et weess een ni, wat am Laf vun de Joren entstee. Et weess een och ni, wat fir Ursaache vläicht kënnen ugefouert ginn, datt een net méi op dee Posten zréckgenannt gëtt. Datt dann dee Magistrat zumindest awer d'Méiglechkeet kritt, a seng fréier Fonctioun zréckzekommen.

Ech wollt e puer Remarquen awer zum Gesetzesprojekt u sech nach maachen. Ech mengen, et ass evident, datt zwëschent engem Détachement an enger Nominatioun natierlech e wesentlechen Ënnerschied besteet. Beim Détachement behält een automatesch seng Rechter, fir weider an der Carrière ze avancéieren. Bei enger Nominatioun ass dat net onbedéngt de Fall.

Wann also eng Persoun temporairement op eng Fonctioun nominéiert gëtt - dat muss ee jo hei ënnersträichen: nominéiert gëtt -, da kéint dat zur Konkursioun jo hunn, datt se gewësse Rechter vun der Entwécklung vun hirer Carrière géif verléieren. An nach eng Kéier, et kann ee sech jo kaum virstellen, datt e Magistrat bereet





wär, engersäits ze demissionéiere vu senger Fonctioun, oder anerersäits e Congé sans solde géif huelen, dee jo limitéiert ass op véier Joer, fir dann esou eng Fonctioun unzehuelen.

Ech mengen, esou naiv soll een net sinn, datt ee mengt, datt een eng Persoun aus der Magistratur kéint gewanne fir dee wichtege Posten. Dowéinst, wéi gesot, ass et och interessant an och vürdeelhaft entwéckelt, datt awer dann och fir déi Persoun, déi spéider dann zrëckkënn an d'Magistratur, datt do kann eng Kompensatioun awer och accordéiert ginn.

Ech wëll dann awer och nach hei ënnersträichen, datt d'Demokratesch Partei et och akzeptéiert, datt, le cas échéant, kann eng gewësse Kompensatioun där Persoun zouerkannt ginn, wann en cours de route e Magistrat, deem un Zäitpunkt, wou déi Persoun gewiesselt huet an der Carrière, ënnendrénger klasséiert war, awer en cours de route dann an der Carrière sech méi vürdeelhaft entwéckelt, datt awer dann och fir déi Persoun, déi spéider dann zrëckkënn an d'Magistratur, datt do kann eng Kompensatioun awer och accordéiert ginn.

Ech wëll dann awer och nach drop hiweisen, datt jo awer trotzdem hei net all Méiglechkeeten op si fir déi Persoun, déi herno e Retour an d'Magistratur mécht. Datt awer gewësse Fonctiounen natierlech net méi kënnen besat ginn, sief dat de Poste vum Procureur général d'État oder de Poste vum Procureur général d'État ad-joint, well och d'Regierung hei awer nach e gewësse libre Choix muss hu bei der Besetzung vun esou Posten. Mir müssen, wéi gesot, bei der Reintegratioun awer och dann d'Dispositiounen vun eiser Constitutioun natierlech respektéieren.

Ee vun de kriddeleche Punkten an dësem Gesetz war natierlech awer och den Egalitéitsprinzip, dee mer awer och elo berengegen, andeems datt mer jo eng Modifikatioun vun dem Gesetz vum 9. Dezember 2005 maachen. Een Egalitéitsprinzip, dee jo fousst op dem Artikel 10bis vun eiser Constitutioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech stëmmen mer haut e Gesetz, wat u sech wahrscheinlech an der Praxis wäert relativ wéineg Uwendung fannen. Mä dat wëllt awer net heeschen, datt et net awer eng gewëssen Importenz huet. Well déi Zeenarien, déi sech kënnen astellen, wäerten och an der Zukunft relativ kleng sinn. Awer nach eng Kéier, et ass wesentlich, datt mer op dee Poste Leit aus der Magistratur kréien.

Duerfir ass d'Demokratesch Partei frou, datt mer dee Schratt haut maachen. Si gëtt u sech confirméiert an deem, wat se scho viru 15 Joer hei behaupt huet. Mir wäerten dat Gesetz selbstverständlech stëmmen.

Ech wëll awer och vun der Geleëenheet profitéieren, fir dem Rapporteur, dem Yves Cruchten, nach e Merci ze soen an där ganz komplexer Matière, well esou evident war dat Ganzt jo net. Och wa vläicht fir ee vu bausen net ëmmer alles esou verständlech ass, mä et ass eng ganz wichteg Matière, wou mer hei légiféiert hunn! An, wéi gesot, nach eng Kéier, den Accord vun der Demokratescher Partei ass domadder ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. An dann huet d'Wuert elo den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wollt och profitéieren, fir dem Rapporteur, dem Yves Cruchten, Merci ze soe fir säi kuerzen, awer prezisen a vollständige Rapport, souwuel mëndlech wéi schrëftlech.

Menge Virriedner wollt ech Merci soe fir hir Iwwerleeungen, Gedankengäng an Ausféierungen, déi zum Deel dann och bis an d'Geschicht gefouert hunn, zum Deel bis op de Gesamtpak vun der Fonction publique.

Ech beschränke mech drop, fir den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi ze bréngen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Adam. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun der Säit vun der ADR dem Här Cruchten e grouse Merci. Den Här Cruchten huet gesot, et wär bescheiden a kleng, dat Gesetz. Hei war daitlech ze modeste, daitlech ze modeste! Et ass zu senger Eier. Mä ech wëll e bëssen erklären awer, firwat mer där Iwwerzeegung sinn.

Wéi gesot ginn ass, et géif eng Magistratin op de Poste vun der IGP genannt ginn, hat d'ADR direkt eng Question parlementaire gestallt, well dat am Gesetz net virgesi war, op jidde Fall net explizit. Do stoung: aus de Kadere vun der Police, respektiv eben aus der Administratioun vum Stat. Mir hunn eis also Froe gestallt ronderëm d'Legalitéit vun där zukünftiger Nominatioun. A mir hunn och gläich zwou Äntwerter op eis Question parlementaire kritt. Eng Éischt de 6. November 2014, wou, wéi esou dacks, iwwerhaupt näischt drastoung. An elo e ganz Gesetz als Äntwert op eis Question parlementaire, fir ze bewisen, datt d'Regierung zougëtt, datt d'ADR deemools recht hat, och wéi esou dacks, wéi esou dacks!

(*Interruption par M. Dan Kersch*)

Ass also elo alles an der Rei mat dësem Gesetz? Et kéint ee jo mengen. An am Gesetz selwer steet: Jo, et kéint ee jo soen, d'Administratioun, do kéint ee raisonnablement denken, dat géif d'Magistratur mat ofdecken. An elo, mat där Reinsertioun a mat deene Modalitéiten, déi déi perséinlech Rechter vun deem Fonctionnaire, vun deem Magistrat solle schützen, wär dann alles an der Rei. Ass dat esou? Mir denken neen, esou einfach ass et net!

Well et muss een emol de Kontext gesinn, an deem dat Gesetz iwwerhaupt ze situéieren ass. Et geet hei ëm d'Verhältnis zwëschen der Polizei an der Justiz an et geet ëm d'Gewaltentrennung am Stat. An dat ass eigentlech dat zentraalt Element, wann ee gesäit, datt iwwer e puer Facteuren, ech kommen elo dorobber zrëck, datt d'Justiz eigentlech ëmmer méi Pouvoiren am Stat kritt mat der Zäit. Woubäi d'Justiz dee Pouvoir ass, deem am mannsten demokratesch kontrolléiert ass! Et ass also net onwichtig, dorobber anzegoen.

En historiesche Rappel. Dat Gesetz elo iwwert d'Inspection générale vun der Police ass u sech eent vun zwee Gesetzer, wat zrëckgeet op e Brëif vum Procureur vu Lëtzebuerg vum Januar 2008 un den deemolege Minister Frieden. An an deenen zwee Gesetzer gouf eigentlech eppes gefrot oder ugedeit, wat d'Justiz net hat, mä wou d'Justiz Saache wollt kréien. Dat Éischt war e Gesetz iwwert d'Entrave à la justice. An dat Zweet war eben de Poste vum Generalinspekter vun der Police. Mir schwätzen hei iwwer Januar 2008.

D'Gesetz iwwert d'Entrave à la justice hänkt also heimadder zesummen. An ech ginn also zrëck a kucke mer dat nach eng Kéier un. An da kucke mer eis dat anert un, wat mer haut maachen.

Den Här Bieber hat deemools a sengem Brëif geschriwwen, den 23. Januar 2008: «L'entrave à la justice n'est pas punissable.» Doropshi goufen zwee héich Beamte vun der Police entlooss, obschonn den Här Frieden eben deemools gesot hat, datt hien déi Behauptungen vum Här Bieber u sech net kéint iwwerpräiwen. A politesch hate mer deemools d'Konsequenze gezunn. Politesch ass deemools gesot ginn: Et war e Feeler an där Koalitioun, datt déiselwecht Persoun gläichzäitig Justiz- a Polizeiminister war. An dat ass och dunn an der nächster Regierung net méi gemaach ginn.

An déi zweet Konsequenz war legislativ. Den Här Bieber wollt e Gesetz iwwert d'Entrave à la justice an en huet et kritt. An zwar ass et e Gesetz, dat als Délationsgesetz dacks bezechent gëtt. An ech wëll hei just rappeléieren, wat den Här Bettel, den aktuelle Statsminister, an der Chamber zu deem Gesetz gesot hat: „D'Applikatioun vun dësem Text wäert ganz schweier sinn. Wann een op Internet kucke geet, fällt et ënner Délationsgesetz, fënnt een esou Kritiken. Et ass e richteg Délationsgesetz, dat heescht, dass et eng Obligation net nëmmen «de dénonciation», mä och «de délation» gëtt. Esou ee Prinzip kënnen mir net stëmmen!“

Duerno koum de Bommeleeërprozess an zu deem wär natierlech ganz vill ze soen. Ech wëll mech hei drop beschränken, fir feststellen, datt d'Entrave à la justice jo elo Strofbestand war, nom Gesetz vum 2011, wat mer hei gemaach hunn an och am Prozess benotzt ginn ass, souwuel fir Leit ze verhéieren, wéi och als eventuell Strof an de Raum ze stellen.

Et gouf am Bommeleeërprozess eppes gemaach, wat rechtsgeschichtlech ganz interessant ass, nämlech, datt Zeie gehéiert gi sinn, fir erauszefannen, wie Kritik um Gesetz gemaach hätt, emol net um Gesetzentwurf, iwwert d'Entrave à la justice. Hei huet also d'Justice e Gesetz gefrot, si huet et kritt. An da koum dee Prozess, op deem dee Brëif vum Här Bieber sech 2008 bezunn huet. An duerno, an deem Prozess, huet dunn d'Justiz gefrot: Wien huet Kritik un deem Gesetz geübt, wat mir gefuerdert hunn, souwuel am Justizministère wéi och an der Police?

Et ass souguer esou wäit gaangen, datt d'Policegewerkschaften zu deem Thema gehéiert goufen an datt eng Perquisitioun gemaach

gouf bei enger Policegewerkschaft an deem do Kontext. D'Fro ass also: Wéi wäit goufen hei, an engem Prozess hei am Land, déi demokratesch Rechter an déi gewerkschaftlech Rechter respektéiert? Dat also zu deem éischte Volet, Entrave à la justice.

Deen zweete Volet, och am Brëif vum Här Bieber un den Här Frieden 2008, dat war déi Fro: Wie soll Chef vun der Inspection générale de la Police sinn? A wéi mer elo hei héieren hunn, datt d'Madame Stirn sollt op déi Plaz genannt ginn, ouni gesetzlech Basis, wéinstens an eiser Interpretatioun vun deem Gesetz, si mer dann direkt och op déi Fro komm vun der Séparation des pouvoirs.

An an deenen Diskussiounen, déi 2008 gefouert goufen, nom Brëif vum Här Bieber un den Här Frieden, ass ebe just op déi Fro vun der Séparation des pouvoirs opmierksam gemaach ginn. Eng vun de Policegewerkschaften huet deemools geschriwwen, wat nach ëmmer aktuell ass an deem Gesetz, wat mer haut huelen: «(...) Monsieur le Procureur d'État de Luxembourg risque de mettre en danger le juste équilibre entre les pouvoirs de l'État. Pire, il remet en question un principe fondamental de l'État de droit, à savoir le principe de la séparation des pouvoirs! Le contrôle de la Police, comme d'ailleurs celui des autres administrations de l'État et de leurs fonctionnaires, revient de plein droit aux ministres responsables du Pouvoir exécutif.»

Dat ass de Kär vun der Fro. Well u sech ass hei jo och d'Fro gestallt: Wie kann da schlussendlech nach iwwer esou eng Enquête disciplinaire wierklech verfügen? Mir schwätzen hei iwwert d'Onofhängegkeet vum Magistrat an esou weider an esou virun. An d'Fro ass: De responsible Minister vum Pouvoir exécutif, kritt den net en Deel vu sengem Pouvoir hei ewechgeholl? Huet hien nach déi Emprise, déi hie bräicht, fir seng Verwaltung och disziplinaresch, exemplaresch ze féieren, mat der Introduktioun hei vun deem Novum, datt e Magistrat soll hei eng Administratioun vum Pouvoir exécutif leeden?

Stellt Iech dat emol ëmgekiert vir. Wat géif d'Justiz da soen, wann e Conseil supérieur vun der Magistratur oder esou do wär an do géif e Polizeioffizier op eemol Chef ginn. Géifen déi dann net och soen: Dat geet dach net! Den tirs Pouvoir muss onofhängeg sinn. Dir kënn eis dach elo net hei e Polizeioffizier delegéieren, fir d'Magistratur ze kontrolléieren.

Ëmgekiert schéngt dat awer ze goen. An eisen Ae geet dat net! An eisen Ae war och dat Gesetz vu virduun esou formuléiert, eben d'Administratioun, fir eben d'Onofhängegkeet vun der Executiv géintwuer dem Pouvoir judiciaire ze garantéieren. Dat war keen Oubli, datt do kee Magistrat virgesi war, mä dat war d'Inkarnatioun vun engem rechtsstaatleche Basisprinzip. An esou hätt et och missen, an eisen Aen, bleiwen.

Et kann een nach vill spekuléieren, zum Beispill: War net nach en aneren Zweck derhannert? Net nëmmen eng Emprise, mä och nach an engem gewësse Kontext, ech wëll hei de Brëif vum Här Bieber zitéieren vun 2008, dee jo à l'origine vun deem Gesetz ass, wat mer haut stëmmen, an do seet den Här Bieber, do erkläert hien als Procureur d'État, wat a sengen Aen d'Méiglechkeet vun der Inspection générale de la Police fir verschidden Enquêtes ass, dat ass ganz interessant: «Les pouvoirs d'investigation de l'Inspection générale de la Police sont (fort) limités, eu égard au fait qu'il y a une instruction judiciaire en cours et qu'il ne saurait y avoir d'enquête parallèle.» - Hei gëtt also praktesch de Prinzip opgestallt, wann eng Enquête judiciaire en cours ass, kann och keng administrativ Enquête parallèle méi gefouert ginn -, «fût-elle administrative.», seet den Här Bieber. «L'enquête de l'Inspection générale de la Police ne saurait donc qu'être théorique et non descriptive des faits qui se sont produits.» Dat geet extrem wäit!

An d'Fro ass hei, wann d'Magistratur - et ass jo e Wunsch vun der Magistratur gewiescht, fir dat hei elo esou ze regelen: Ass dann net och den Hannergedanken, fir dann ze klären, datt, wann eng Enquête bis amgang ass, datt eleng d'Justiz dat nach ka maachen? Och déi Fro sief hei gestallt. Et ass also net de Prinzip nëmme vun der Gewaltentrennung. D'Rechter vun engem Minister vun der Executiv iwwer seng Verwaltung, mä och d'Effikassitéit vun der IGP gëtt hei a Fro gestallt duerch eng Vermeschung vun de Gewalten.

Et ass net vun ongeféier, ech hu fonnt - ech sinn elo kee groussen Amateur vum „Tageblatt“ -, mä haut war d'Iwwerschrëft net schlecht an der Revue de presse: „Aufräumen bei der Polizei“. Dat war eng ausgezechent Analys, wou d'„Tageblatt“ haut schreift: „Im Rahmen der Reformen innerhalb von Polizei und IGP, die sich unter anderem nach der «Bommeleeër»-Affäre aufdrängten,“ - mat där

Analys sinn ech net d'accord - „hatte die Regierung Ende 2014 beschlossen, die aktuelle Untersuchungsrichterin Monique Stirn auf diesen Posten zu berufen.“

Et ass also net déi schéinste vun alle Welten, wou mer wëllen d'Mobilitéit encouragéieren tëschent Verwaltungen an esou weider an esou virun. Dat ass iwwerhaupt net de Punkt hei! De Punkt ass dee vun der Gewaltentrennung a vun enger Mainmise op d'IGP, déi mir net gutt fannen.

D'ADR hätt gär eng kloer Gewaltentrennung. Mir hätt gär e kloert Polizeigesetz, wou déi Flichten a Rechter vun der Police genau beschriwwen sinn. A mir hätt gär, datt gutt Magistraten zu Lëtzebuerg sinn, mä an der Magistratur! Net an der Police an och net am Statsrot, mä an der Magistratur, do, wou se hingehéieren. An do kënnen se och op eis voll Ënnerstützung zielen.

Politesch, musse mer och soen, si mer enttäuscht, datt haut weder de Polizeiminister do ass nach de Justizminister. Well et ass jo dorëmmer, wou et schlussendlech geet. Et ass net e Problem, wéi och den Här Cruchten et duergestallt hat, vun der Fonction publique, bescheiden a kleng. Et geet vill méi wäit!

A wann een da kuckt wéi a leschter Zäit, wann den Här Braz elo sech den Affekt gemaach huet vun där Revendication vun der Justiz a sech och duerchgesat huet mat enger Nominatioun vun enger Magistratin géintwuer dem Polizeiminister, dem Här Etienne Schneider, dann hunn ech mer awer d'Fro gestallt, gëschter, wou ech héieren hunn, datt déi gréng sech als loyalen a faire Koalitionspartner bezechent hunn, ob dat net och en Akt vun Humor war.

Villmools Merci.

(*Hilarité*)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hu keng weider Wuertmeldung. Dann huet d'Wuert den Här Innenminister, den Dan Kersch.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - A Fonction-publiques-Minister.

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Jo, an dësem Fall Fonction-publiques-Minister, mä ech mengen, dat mécht der Kaz elo kee Bockel.

Ech wollt fir d'Éischt och dem Rapporteur Merci soen, deen, mengen ech, an enger kuerzer awer trotzdem ganz transparenter Aart a Weis, d'Aarbechten an der Chamberskommission duergestallt huet. Et ass richteg, et ass u sech e klenge Projet, mä et ass awer och richteg, en huet awer eng gewësse Répercussioun op d'Fonctions dirigeantes an eise Statsverwaltungen, an eise Ministère. An dofir ass et och e ganz wichteg Gesetz.

Et geet effektiv drëm, fir eng méi grouss Mobilitéit hierzustellen, wat déi Fonctions dirigeantes ugeet an dat kréie mer mat dësem Gesetz och réaliséiert. Och wann ech mengen, dass d'Repercussioun vläicht net esou gutt ass, dass een elo iwwert dëst Gesetz muss beim Bommeleeër landen. Ech fannen dat schoen e bëssen abenteuerlech, fir esou eng Konstruktioun fäerdegzebréngen. An ech mengen och net, dass et hei, wéi dat virduun hei ugeklongen ass, ëm e Saucissonnage geet, dass mer hei eng Etapp no där anerer géife maachen an dass deem heiten den Nogeschmaach vun enger individueller Léisung géif unhaften.

Dat ass et absolut net, well mer ebe just keng individuell Léisung hei gesicht hunn, mä mir hu ganz kloer eng generell Léisung gesicht, déi net nëmmen op dee Fall zoutreëft, dee mer elo hei schoen e puermol zitéiert hunn, mä déi op alleguerten déi aner Fäll zoutreëft, déi an Zukunft kënnen optrieden.

An dat huet natierlech och derzou gefouert, dass mer eis hu misse Gedanke maachen, wéi mer dat genau géife formuléieren. Vill Leit sinn ëm Avis gefrot ginn. An ech muss soen, et ass och hei schonn ugeklongen, an ech kann dat och ganz kloer hei soen - Ehre, wem Ehre gebührt -, et war effektiv e Kolleg vun der CSV, deen eis nach op weider Problemer opmierksam gemaach huet. Déi hu mer dunn awer ganz schnell zesumme geléist, an engem konstruktive Geescht an der Kommission. An dofir wëll ech jiddwerengem Merci soen, deen op déi eng oder aner Aart a Weis derzou bäigedroen huet, dass mer dëse Projet kënnen zu engem gudden Enn bréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Fonction-publiques-Minister. Mir





kéinten dann zur Ofstëmmung iwwert de Pro-jet de loi 6799 iwwergoen.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi 6799 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procu-ratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen, ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Roger Negri), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.*

*Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

### (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Orientie-rungsdebat iwwert de Rapport vun der Ma-dame Médiateure vum Joer 2014. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An direkt huet d'Wuert den honorabele Rapporteur, den Här Jean-Marie Halsdorf.

## 7. 6789 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de la Médiateure (2014)

### Rapport de la Commission des Pétitions

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, laut Artikel 8 vum Mediateursgesetz vun 2003 mécht de Media-teur der Chamber all Joer an engem Rapport de Bilan vu sengen Aktivitéiten.

Dorophi gëtt dann hei an der Chamber, esou wéi d'Conférence des Présidents et décidéiert huet, an engem Délai vu sechs Méint no der Presentatioun vun der Médiateure eng Orien-téierungsdebat gemaach.

D'Virbereedung vum Débat ënnersteet der Pe-titiounskommissioun. An hir Memberen hu mech an der Sitzung vum 4. Mee dëst Joer als Rapporteur designéiert, deen de Rapport iwwert den Débat d'orientation iwwert de Rap-port d'activité 2014 vum Mediateur schréfflech a mëndlech virdréit. An deen éischten Débat an där Form huet am Joer 2008 stattfont.

D'Madame Err huet hiren Aktivitéitsrapport de 5. März dëst Joer hei an der Chamber presen-téiert. D'Petitiounskommissioun hat sechs Sitzungen, wou se sech iwwert de Rapport ausgetosch huet mat der Médiateure, mat der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle a mat Verrieder vum Statsmi-nistère.

D'Petitiounskommissioun huet all parlamenta-resch Kommissiounen invitéiert, de Rapport d'activité ze aviséieren, wat se dann och all ge-maach hunn. D'Petitiounskommissioun stellt am Kader vum aachten Débat d'orientation och mat Genugtuung fest, dass d'Relatiounen tëschent Chamber a Mediateur gutt sinn.

Här President, e puer Statistiken - fir den Detail verweisen ech op den ausféierleche schréff-leche Rapport, deen iwwer 45 Säiten huet. An do stellt een da fest, wann een de Rapport kuckt, dass tëschent dem 1. Januar an dem 31. Dezember 2014 689 Reklamatiounen age-reecht goufen. 535 Dossiere goufen ofge-schloss. Dat maachen 82,53%. 25 Demandë waren irrecevabel an et gouf 30 Refus d'exa-men.

178 Affäre betreffen de Stat, an dat an de Beräicher: Immigration, Visa, Pass, Logement, Classes moyennes a Fiskalitéit, an am Duerchschnëtt goufe 86,69% vun den Dos-

sieren ofgeschloss. 80 Affäre betreffen d'Ge-mengen, an dat an de Beräicher Urbanismus an Affaires communales, an hei goufen duerchschnëttlech 55% ofgeschloss.

Bei de Stats- a Gemengen-Établissement-publiken, wéi d'ADEM, d'CNPF oder de Fonds national de solidarité, gouf et 230 Affären, mat engem Duerchschnëtt vu 77,51% ofgeschlos-senen Dossieren.

Ech kommen elo zu engem weidere Kapitel vum Rapport, do, wou et Usus ass, dass Re-commandatiounen vun der Médiateure ge-maach ginn. 2014 goufe keng nei Recomman-datiounen vun der Médiateure verëffentlecht. Et goufen awer Suggestiounen un d'Chamber, un d'Regierung an un d'Administratiounen, an zwar a folgende Beräicher - och hei verweisen ech fir den Detail op de schréffleche Rapport:

Den éischte Beräich war den „retour à meil-leure fortune“. Dës Notioun misst méi restriktiv définéiert ginn. Dës Retour à meilleure fortune spillt jo, wann ee Geld vum Fonds national de solidarité kritt huet. Wann een dann herno Geld aus anere Quelle kritt, ass ee forcéiert, een Deel un de Fonds national de solidarité ze rem-bourséieren.

Eng aner Suggestioun gouf et iwwert den 30-jähregen Délai de prescription. Dës misst geännert ginn. Weider war en anere Punkt, dass déi sozial Decke bei Aarbechtsonfäegkeet misst verbessert ginn. Verbessere misst een och d'Informatioun vum Aarbechtslose selwer, dem Aarbechtslosen a sech, an zwar iwwer säin Dos-sier. D'Médiateure schreift och, den Éduca-tionsministère misst bei Ufroen an engem ver-nünftigen Délai äntwerten.

E weidere Punkt ass deen, dass d'Gesetzge-bung vum Congé parental ze ännere war am Kader vum engem Detachement vum engem Lëtzebuerger Staatsbeamten.

E weidere Punkt sinn d'Informatiounen a For-mulären, déi eis Verwaltungen un de Bierger ginn. Dës sollte regelméisseg iwwerkuckt ginn. Dat ass eng weider Suggestioun. Gradesou, suggeréiert se, sollten d'Verwaltungen a Ge-mengen déi direkt Kommunikatioun ver-besseren.

Am Kader vum internen an externe Reklasse-menter an eise Betriber, do mécht d'Média-teure e puer Suggestiounen, ënner anerem déi, d'Modalitéite beim Ausbezuale vum der Indem-nité d'attente an och d'Kritäre bei de Rembour-sementer ze änneren.

Och sollten déi laang Délaie bei dem medezi-nesche Service vum der Immigratioun verbes-sert ginn. An et wär noutwendeg, d'Personal an der Direktioun vun der Immigratioun opze-stocken.

Eng detailléiert Informatioun un d'Bierger, déi Hëllef kréien am Logement, esou och iwwert d'Modalitéite vun de Remboursementer, déi ass noutwendeg. Dat ass en anere Virschlag.

Well et schwierig wär, d'Notioun vu reliéisen Associatiounen ze definéieren, misst d'Ge-setzgebung iwwert d'minimal Besteuerung geännert ginn, fir Härtefäll ze vermeiden; ass eng aner Ureegung. Weider misst déi steierlech Gesetzgebung kontinuéierlech verbessert ginn. A schlisslech misst een d'Gesetz änneren, fir dass d'Europafonctionnaires och vun der Kol-lektivbesteuerung kéint profitéieren am Fall vun engem Partenariat.

### (Mme Simone Beissel prend la présidence.)

An engem anere Kapitel gouf et Diskussiounen iwwert d'Reform vum Gesetz vum 22. August 2003, dat jo de Mediateur agefouert huet. Am schréffleche Rapport kann een do vill noliesen, notament dës Virschléi vun der Madame Mé-diateure: éischters betreffen den Numm vun der Institutioun, zweetens betreffen hir Pou-voiren an hir Attributiounen.

Do si folgend Punkten, déi ech hei wollt eraus-schielen, déi si dann opgeworf huet: Éischters sollte betreffen de Mediateur d'Mënscherech-ter als generell Kompetenz agefouert ginn. Et sollt eng exceptionnel Erweiterung vun der Saisine bei individuelle Reklamatiounen méiglech sinn. D'Zréckgräifen op Experte bei den Aar-bechten ass eng aner Ureegung; d'Méiglechkeet, Avisen ze ginn am Kader vu gesetzleche Prozeduren, déi si betreffen, déi de Mediateur betreffen, en anere Punkt. D'Posi-tiounhuele vun der Regierung an engem Délai vun dräi Méint op Recommandatiounen an dës dann och ausféieren an engem vernünftigen Délai, ass eng aner Ureegung.

Am Kader betreffen Reklamatiounen gëtt et fol-gend Virschléi: En Délai aféieren, wou d'Verwal-tungen op Reklamatiounen Positioun huelen, bei enger Saisine vum Ombudsmann den Délai de recours dräi Méint suspendéieren.

An dann zwee aner Punkten, wou d'Média-teure eng Textännerung freet, betreffend weini een d'Recht huet, sech un den Ombudsmann ze richten, an eng aner Textännerung betref-

fend d'Aarbecht vum Ombudsmann. A schliss-lech och, fir d'Evaluatioun vun der Verwaltung anzeféieren.

Betreffend den organesche Statut vum Om-budsmann gëtt et folgend Suggestiounen: D'Delegatioun vun der Ennerschrëft aféieren, den Ausbau vun der budgetärer Onofhän-gekeet virhuelen, d'Opweeche vum Statut vum Personal vum Mediateur aféieren. Eng Än-nerung an der Wahl vum Ombudsmann pro-poséiert se eis och, a schlisslech d'Formatioun vum Ombudsmann a vum Personal.

En aner Kapitel beschäftigt sech da mat den Äntwerten, déi d'Chamberskommissiounen op d'Demande vun der Petitiounskommissioun ginn hu par rapport zum Rapport vum Media-teur. Do sinn zwielef Kommissiounen, déi sech positionéiert hunn, an zwar iwwer Punkten am Rapport, well dës Punkte si betreffen, wou si also da Kompetenz hunn. Fir deen Detail ver-weisen ech och op de schréffleche Rapport.

Et si folgend Kommissiounen: d'Comission des Affaires étrangères et européennes, de la Dé-fense, de la Coopération et de l'Immigration, d'Commission des Affaires intérieures, d'Kultur-kommissioun, d'Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, d'Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias et des Communi-cations, d'Kommissioun vun der Famill a vun der Integratioun, d'Finanz- a Budgetskommis-sioun, d'Kommissioun vun der Fonction pu-blique et de la Réforme administrative, d'Com-mission juridique, d'Kommissioun vum Lo-gement an d'Commission du Travail, de l'Em-ploi et de la Sécurité sociale.

Sechs Kommissiounen waren net concernéiert am Rapport vun der Médiateure, a si hunn der Petitiounskommissioun dat dann och mat-gedeelt. Et si folgend Kommissiounen: D'Kom-missioune vun der Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs, d'Kommissioun vum Dévelop-pement durable, d'Kommissioun vun der Éko-nomie, d'Kommissioun vun der Émwelt, d'Force-publiques-Kommissioun an d'Kommis-sioun vun der Gesondheet, de l'Égalité des chances et des Sports.

Wat elo d'Aarbechte vun der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle ugeet, do hate mer dräi Réunions jointes mat dëser Kommissioun, wou och Verrieder vum Statsministère an d'Médiateure derbäi waren. En Detail vun deenen Diskussiounen fannt Der am schréffleche Rapport.

D'Resultat vun deenen Diskussiounen, also dat, wat mer festgehalten hunn, dat wollt ech elo hei méi détailléiert a mengem mëndleche Rap-port iwwerhuelen.

Ënnert dem Punkt 7 am schréffleche Rapport kann een dann och d'Konklusiounen vun der Pe-titiounskommissioun liese betreffend d'Evalua-tioun vum Mediateursgesetz.

Éischte Punkt: Eng Reform vun dësem Gesetz, vum Mediateursgesetz, drängt sech op.

Zweetens, déi parlamentaresch Kommissioun iwwerhëlt awer net all Propositionen vun der Médiateure, ënner anerem wat d'Afféiere vun enger Investigatiounsgewalt, wat d'Budgetson-ofhängegkeet ugeet, och betreffend d'Nomi-natiounsmodalitéiten an d'Veereedegung vum Ombudsmann souwéi de Statut vum Personal. Dës Punkte goufen net zréckbehalen.

Aner Punkten, déi wollt ech elo opféieren, wat mer do da festgehalten hunn. Wat den Numm vun der Institutioun ugeet, do ass an der Kom-missioune festgehalde ginn, et sollt een den Numm „Ombudsman“ iwwerhuelen, well dat verbessert d'Visibilitéit vun dëser Institutioun par rapport zu aneren Instanzen, déi och Me-diatioun maachen.

Et sollt een och de Schutz vu Mënscherechter als Missioun vum Ombudsmann expressis ver-bis an d'Gesetz schreiwen. Dës Missioun ass délimitéiert duerch de Kompetenzberäich, dee jo besonnesch d'Relatioun tëscht de Bierger an de Verwaltungen betrëfft. De Mediateur, dee préift d'Uwendung vun de Mënscherechter, wann e mat enger individueller Reklamatioun befaasst ass. Aus Kohärenziwwerleeung mécht et dann och Sënn, de Kompetenzberäich vum Mediateur op all Organismen, deen eng éffent-lech Déngschtleschtung huet, ze erwidern.

De Perimeter vum Aktionsberäich vum Media-teur muss kloer délimitéiert sinn an eng prezis Definitioun vu senger Kompetenze muss an d'Gesetz geschrivwe ginn. Schlisslech muss eng Formulierung fonnt ginn, déi d'Missioun vun der éffentlecher Déngschtleschtung prezis définéiert.

D'Kommissioun, déi ass och fir e limitéiert Recht vum Mediateur, sech selwer ze saiséie-ren. D'Kommissioun deelt och d'Propositionen, fir d'Saisine vum Ombudsmann exceptionnel iwwert déi individuell Reklamatioun eraus ze erwidern, wann et drëm geet, fir eventuell

systemesch Dysfonctionnementen ze behiwen. Wann eng individuell Plainte Zweifel opkomme léisst, dass ähnlech Problemer kéinten an ane-ren Dossiere bestoen, da kritt d'Médiateure Zougrëff op dës Dossieren, awer mat der Kon-ditioun, dass déi drëtt concernéiert Persounen hiren Accord ginn hunn.

A kengem Fall kann de Mediateur e generell Recht vun Autosaisine kréien an och hunn, well den Dysfonctionnement vun enger Verwaltung ënnerläit ganz kloer der Kompetenz vun der Chamber, well déi huet en Enquêterecht.

Et wier och ubruecht, en Délai ze fixéieren, an deem d'Regierung Positioun hëlt zum Prinzip vun enger Recommandatioun. Dëst wier eng Aart, losse mer soen „accusé de réception“, an deem d'Regierung erkläert, ob se eng Re-commandatioun ëmsetzt an dann och even-tuell en Délai dozou, oder awer dann eng Mo-tivatioun, firwat d'Recommandatioun net ëmgesat gëtt. Dëst wier awer sécher net e bindenden Délai, fir d'Recommandatioun ëmzesetzen.

D'Verwaltungen sollen, esou wéi bei parlamen-taresche Froen, och en Délai vun engem Mount opgezwooge kréien, an deem se op d'Bréifpost vum Mediateur äntweren müssen. An dësen Délai kann dann op zwee Méint ver-längert ginn, wann et sech ëm komplex Dos-sieren handelt.

D'Petitiounskommissioun proposéiert och, d'Méiglechkeet ze ënnersiche vun enger Sus-pensioun vun den Délais de recours virun de Juridictiounen, also virun de Gerichter, wann de Mediateur mat engem Dossier befaasst ass. D'Suspensioun géif ufänken deen Dag, wou den Ombudsmann mam Dossier befaasst gëtt. An enger éischer Etapp gëtt gemengt, et misst elo emol gekuckt gi bei de belschen Autoritéi-ten, do misst nogefrot ginn, wéi d'Suspensioun vun den Délais de recours bei hinnen ugewant gëtt.

Weider ass d'Kommissioun dann och der Mee-nung, dass et Sënn mécht, an d'Gesetz anze-schreiwen, dass den Ombudsmann a sengen Aarbechten op Mediation a Schlichtung zréckgräift. An d'Kommissioun proposéiert och ze ënnersichen, ënner wéi enge Konditiounen de Mediateur seng Ennerschrëft kéint un e Fonctionnaire delegéieren fir intern administrativ Entscheedungen, fir dann an deem Fall déi noutwendeg Prezisiounen an d'Gesetz vum Mediateur anzuschreiwen.

D'Kommissioun ass och der Meenung, dass d'Recht vum Mediateur, fir sech beim Ausféiere vu senger Missioun vun Experten assistéieren ze loosse, soll am Gesetz verankert ginn.

An een anere Punkt, dee mer zréckbehalen hunn, ass folgenden - do ass d'Fro gestallt ginn: Weini ass eng Reklamatioun beim Media-teur recevabel? Gutt, laut Paragraf 1 vum Arti-kel 3 vum Mediateursgesetz ass dat, wann ap-propriéiert administrativ Démarchen ënnerholl goufen. Mä dës sinn awer net prezis (veuillez lire: net preziséiert), an doduerch kann et da verschidden Interpretatiounsmeiglechkeete ginn. Fir Kloecheit ze schafen, proposéiert och d'Médiateure eng aner Formulierung, an zwar folgend: «qui n'a pas eu satisfaction». D'Kom-missioune deelt de Prinzip, dës Dispositioun ze preziséieren, an décidéiert, eng méi ugepasste Formulierung am Kader vun den Aarbechte vum Mediateursgesetz ze sichen.

D'Kommissioun hält och fest, ze kucken, wéi eng Secreten dem Mediateur opposabel sinn, besonnesch och an der Hypothese, dass de Mediateur eng Méiglechkeet hätt vun enger li-mitéierter Autosaisine. De Secret am Beräich Santé, am Beräich Finanzen an am Beräich Steieren, déi sinn net opposabel, just an de Beräicher Aussepolitik, national Verteidegung a Statssécherheet kënnen Informatiounen zréck-gehalde ginn.

En anere Punkt, dee mer och abordéiert hunn a wou mer zu enger Konklusioun komm sinn, dat ass dee vum Aschreiw vum Mediateur an der Verfassung. D'Petitiounskommissioun deelt d'Propositionen vun der Institutionskommis-sioun, fir d'Diskussiounen betreffend d'A-schreiwen an d'Verfassung vum Ombudsmann ze verdéieren. Sollt dann en Accord fonnt ginn, kéint den Ombudsmann grad wéi de Rech-nungshaff am Kapitel vun der Chambre des Députés an net an deem vun de fundamentale Rechter ageschriwwen ginn.

En anere Punkt, deen och abordéiert gëtt, ass dee vum Code de bonne conduite administra-tive. An do steet Folgendes am Rapport: D'Peti-tiounskommissioun hëlt Kenntnis vun den Er-klärungen aus der Fonction-publiques-Kommis-sioun, dass verzicht ginn ass, Deontologierege-